N°8370
Entrée le 05.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.10.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 5. Oktober 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den 13. Juli huet d'Chamber dat neit Agrargesetz gestëmmt. Den Text gesäit eng ganz Rei groussherzoglech Reglementer fir, déi awer leider ëmmer nach net alleguer am Memorial publizéiert goufen. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Wéi vill groussherzoglech Reglementer si bis den 1. September publizéiert ginn?
- Wéi vill groussherzoglech Reglementer stinn nach aus?
    - Wéini gi se publizéiert?
- Kann den Här Minister ausschléissen, datt et zu Retarde beim Ausbezuele vun de Primme kënnt, well déi entspriechend groussherzoglech Reglementer feelen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert